



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

RECU
Par Christine Wirgen, 10:42, 03/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 2 mars 2021

Concerne: Question parlementaire n° 3604 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de l'enseignement de l'histoire luxembourgeoise à l'Université du Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3604 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet de l'enseignement de l'histoire luxembourgeoise à l'Université du Luxembourg.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Claude MEISCH
Ministre de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche



Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 3604 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwer d'Lëtzebuurger Geschicht op der Universitéit Lëtzebuerg

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierte seng Froe mat dëse Prezisiounen.

Fir d'éischt kann een emol bemierken, dass de Professor Michel Pauly, deem säi Posten hei viséiert ass, vun 2017 bis 2020 als *Professeur senior* op der Universitéit Lëtzebuerg weider enseignéiert a gefuerscht huet.

Dat, wat am ernimmten Zeitungsartikel steet, entsprécht nëmmen zum Deel der Realitéit. Dem Professor Pauly säi Posten ass net direkt an der Fakultéit fir Humanwëssenschaften ersat ginn, mee am nei gegrënnten interdisziplinären Zentrum fir Digital- an Zäitgeschicht vun der Universitéit Lëtzebuerg – dat bedeit, dass de Posten duerchaus remplacéiert ginn ass. De Conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg huet am Mee 2018 e Posten am Beräich vun der transnationaler Lëtzebuurger Geschicht approvüiert. D'Zuel vun de Kandidature wor extrem reduzéiert, esou dass de Posten nach eng Kéier ausgeschriwwen gouf fir transnational Zäitgeschicht mat engem Akzent op der Lëtzebuurger Geschicht.

De Conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg, op Basis vun enger Lëscht vun der Recrutementskommissioun, huet am September 2019 d'Decisioun geholl, fir d'Madame Machteld Venken als Professor ze engagéieren am Domaine vun der transnationaler Zäitgeschicht. Et ass och virgesinn, dass d'Professor Venken sech an der Fakultéit fir Humanwëssenschaften engagéiert, andeems se Coursen hält am Bachelor *European Cultures* an am Master *Contemporary European History* a gläichzäiteg bei der Ausbildung vun Doktorande matschafft.

Zousätzlech kann ee bemierken, dass de Professor Pauly souguer gewëssemoossen eng zweete Kéier ersat gouf, respektiv dass een zousätzleche Posten als Professor fir neizäitlech Geschicht (*histoire des Temps Modernes*) an der Fakultéit fir Humanwëssenschaften am Oktober 2019 vum Conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg approvüiert gouf. D'Recrutementsprozedur ass d'ganz Joer 2020 gelaf, an et ass am Februar 2021 vum Conseil de gouvernance vun der Universitéit Lëtzebuerg décidéiert ginn, fir d'Madame Monique Weis als Professor ze engagéieren.

Et kann een och ervirhiewen, dass d'Regierung säit 2015, mat der Grënnung vum interdisziplinären Zentrum fir Digital- an Zäitgeschicht op der Uni Lëtzebuerg, esou vill Budget wéi nach ni zur Verfügung stellt fir d'Fuerschung am Beräich Geschicht an och Lëtzebuurger Geschicht. Den Departement Lëtzebuurger Zäitgeschicht vum interdisziplinären Zentrum fir Digital- an Zäitgeschicht op der Uni Lëtzebuerg, ënnert der Leedung vum Professor Scuto, beschäftegt méttlerweil eng ronn 20 Mataarbechter, déi déi politesch, wirtschaftlech, kulturell a sozial Lëtzebuurger Geschicht vum 20. an 21. Jorhonnert erfuerschen.